



schützen, fir en ze erhalen a fir dat Ganzt dann och ze finanzéieren. Vu dass et sech hei ëm eng Convention-cadre handelt, beinhaltet se keng prezis Regeln, mä éischter Recommandatiounen. Recommandatiounen, déi déi Länner, déi dës Konventioun ënnerschriwwen hunn an approvéeieren, an hire jeeweilegen nationale Législatioun solle respektéieren.

Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, am Exposé des motifs vun dësem Projet de loi, iwwert dee mer elo ofstëmme, geet och Rieds iwwer eis national Législatioun, dat heescht d'Gesetz vum 18. Juli 1983 iwwert d'Konserveieren an de Schutz vum Patrimoine. Erlaabt mer e Saz aus deem Exposé des motifs ze zitéieren, vun deem Gesetz, wat mer haut stëmme. Do steet dran: «Comme la loi de 1983 ne correspond plus complètement à la situation actuelle, elle est en voie de renouvellement.»

D'Madame Brasseur huet zu Recht gesot, dass déi lescht Kulturkommissioun vill un deem Gesetz geschafft huet. Ech hunn awer och d'Regierungserklärung nogelies vun 2009. An do steet ganz prezis dran, wat d'Regierung wëlles huet, dass se seet, dass en neit Gesetz gestëmmt gëtt, dass awer och parallel Assisé vun der Protection du patrimoine organiséiert ginn, dass all déi Mesuren, déi d'Regierung wëlles huet, sollen accompagnéiert ginn duerch eng grouss Campagne de sensibilisation. Ech mengen, dat ass eppes ganz Wichtiges. An dat, wat ech an der Regierungserklärung nogelies hunn, ass scho genau am Sënn vun där Konventioun, déi mer haut hei sollen unhuelen.

Ech hu mer déi Remarquen hei erlaabt, well ech der Meinung sinn, dass dës Convention-cadre eis elo soll a muss Uleies ginn, eis Législatioun hei zu Lëtzebuerg ze moderniséieren.

An ech mengen, mir hate ganz kuerz an där leschter Kulturkommissioun Rieds doriwwer, an d'Madame Presidentin vun der Kommissioun huet dat och ugekönneg, dass mer mat deenen Aarbechten... dass mer deen Dossier eng Kéier géifen oprullen.

Ech wollt nach eng aner Remarque maachen. Och d'Gemengeresponsabel solle sech dës Konventioun zu Häerz huelen, besonnesch wa se an der noer Zukunft hir PAGen ausschaffen, well d'Literatur ronderëm dës Konventioun, déi ënnersträicht d'Wichtigkeet vun de lokalen Acteurs beim Schutz a Konservéieren vum kulturellen Ierwen. Schutz vum Patrimoine culturel ass eng nobel Aufgab fir d'Politik, mä awer och eng schwéier, well et drëms geet, d'Rechter vum Einzelnen - an hei geet et ëm Propriétéitsrechter - an Aklang ze bréngen mat der Allgemeinheit.

Interessant ass den Artikel 14 vun dëser Konventioun, well ee ganzt Kapitel iwwert d'Société de l'information geet, wou gesot gëtt: Mir müssen d'Techniques numériques weiderentwéckelen, fir den Accès zum Patrimoine culturel ze verbessern. An et geet och drëm, dass d'Informatik soll eng richtig Roll spille bei der Lutte géint den illegalen Handel vu Kulturgüter. An et geet drëm, dass an deene leschte Joren e ganze Patrimoine entstanden ass, deen net materiell ass, deen et nëmme numérique gëtt, deen et nëmme op Support-informatique gëtt. An do muss ee sech och Gedanke maachen, wéi een dat pérennisiere kann.

Dann ass nach e ganz interessanten Artikel, fannen ech, am Artikel 8, de Punkt d. Dee seet - an do kucke se an d'Zukunft -, wat déi contemporain Kreatiounen ugeet, dass een do soll op eng Qualité architecturale setzen. Ech fannen dat interessant, dass et eng Konventioun ass, déi net nëmme no hanne kuckt, mä och seet: Passt op, et soll ee roueg och nei Saache bauen, mä passt do op d'Qualitéit op.

Léif Kolleginnen a Kollegen, d'LSAP-Fraktioun stëmmt dëse Projet selbstverständlech mat. D'Konventioun vum Europarat si wichteg Instrumenter. Besonnesch déi kulturell Konventioun vum Europarat sinn haut nach, mengen ech, d'Grundlag fir déi gesamt Kulturpolitik an Europa an hunn natierlech e groussen Afloss op déi vill EU-Kulturprojeten a -programmer.

Ech sinn also frou, dass déi Zesammenaarbecht tëschent dem Europarat an der

EU am Beräich Kultur op eng laang Tradition zrëckbléckt, genausou wéi d'Zusammenaarbecht tëschent der Lëtzebuerger Kulturpolitik an dem Europarat och op déi Traditionen zrëckbléckt.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Angel. Als leschte Riedner ass den Här Fernand Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, léif Kollegen, am Numm vun der ADR wëll ech och der Madame Rapporteur villmools Merci soe fir hire Rapport, an och soen, datt mir als ADR d'accord si mat dësem Text. Ech wëilt och vläicht e puer Bemierkunge maachen.

Eng éischt betrëft d'Natur vun dësem Text. Dat ass e politeschen Text, et ass e programmatischen Text. Et ass awer sécher keen, deen et géif verdéngen, an eng juristesche Form gegoss ze ginn. U sech bräichte mer dat hei net als Konventioun ze ratifizéieren. Eng Konventioun soll en normative Wäert hunn.

Ech mengen, deen Text, dee mir elo hei virleien hunn, ass gläichzäitig och eng Verkenning eigentlech vun deem, wat d'Diplomatie soll leeschten, wat se ka leeschten, an et ass eng Vermeschung tëschent Politik a Programmatik an diplomateschen Instrumenter. Mir sinn an enger schwéierfälliger Prozedur, déi mer net bräichten.

Eng zweet Bemierkung betrëft den Ëmgang mam Patrimoine. Mir hunn eng Rei Gesetzter hei, déi eis Regierung awer nullement interesséiert hunn, wou et zum Beispill drëm gaangen ass, en nationaalt Monument ze schützen. D'Madame Rapporteur huet d'Beispill vun der Gëlle Fra genannt. Ech wëll just drun erënneren, datt dat en nationaalt Monument ass a selbstverständlech net hätt dierfen zu kommerziellen Zwecker benotzt ginn.

Mir kënnen Gesetzter stëmme, mä wann d'Regierung sech net un déi Gesetzter hält, da froen ech mech allerdéngs, mat wéi engem moralesche Virbild se de Schutz vum Patrimoine wëllt liewen.

(**Interruption**)

An eng drëtt Bemierkung: Ech hoffen awer, datt mer elo e puer positiv Impulser aus dëser Konventioun awer kënnen erauszéien, zum Beispill, datt mer och an d'Richtung denken, fir al Handwierksberufener nei ze beliewen. Dat ass eppes, dat net nëmme d'Madame Kulturminister ugeet, mä och d'Madame Éducatiounsminister, datt mer och vläicht kënnen méi investéieren an d'Restauration vum eisem Patrimoine, och mat gutt ausgebildeten Handwierker an deem Beräich.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun. D'Madame Minister wëllt nach vläicht Stellung huelen. Madame Minister, wann ech gelift.

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture.**- Merci, Här President. Ech soen der Chamber an och der Kulturkommissioun Merci, datt se ëmmer hëllefen, sämtlech Konventiounen vum Conseil de l'Europe, déi de Kulturberäich uginnt, séier an zügig ëmzesetzen. Dat hei ass een neit Beispill do derfir.

Mir sinn dann domadder och déi, déi erlaben, datt déi Konventioun hei kann tëschent de Memberstate vill méi séier a Kraaft trieden, well mir eis Prozedur hei séier virugedriwwen hunn. An et ass eng wichteg Konventioun, well se hëlleft, ze sensibiliséieren an ze weisen, datt et wichtig ass, d'Transmissioun, also d'Viruginn un déi Jonk, vun der Bedeitung vum Patrimoine culturel matanzebezéien.

An dat ass net nëmme de Patrimoine bâti. Deen ass et natierlech och. A wann ee seet: „Net alles, wat al ass, ass schéin“, mä dann och: „Net alles, wat nei ass, ass schéin“. An do, mengen ech, muss een déi richtig Balance halen. Mir hunn d'Instrumenter, fir den Inhalt vun där Konventioun hei ëmzesetzen. Mir schaffen un neien drun an och um Virundreiw vum Neimaache vum Gesetz vun '83.

Merci villmools fir Ären Accord.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Minister. Den Här Bettel freet nach d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Merci, Här President. Hei ass e puermol d'Wuert vun der Gëlle Fra gefall. An dofir wier ech och interesséiert ze wëssen, wat eis Kulturministesch da vun där Plaz hält, wou d'Gëlle Fra elo ass. Well jo eng ganz Polemik lancéiert ginn ass, vun enger Partei hei an der Stad, wollt ech och froen, ob se ganz kuerz eis do eng Äntwert kéint ginn.

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture.**- Doriwwer brauch een näischt ze soen. Dat ass Gemengepolitik.

► **M. le Président.**- Ech mengen, dat ass elo haut net onbedéngt de Sujet vun der Diskussioun.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh! Aaahhh!

9. Ordre du jour (suite)

► **M. le Président.**- Mir kënnen leider och nach net zum Vote iwwert dëse Projet kommen. Dat soll awer an e puer Minuten de Fall sinn. En attendant hat d'Madame Err d'Wuert gefrot, fir eng Motioun ze déposéieren.

10. Dépôt d'une motion par Mme Lydie Err

► **Mme Lydie Err (LSAP), auteur.**- Merci, Här President. Ech wëll ganz kuerz eng Motioun hei déposéieren a se virstellen.

D'viregt Woch war am Conseil de l'Europe e Bericht iwwert den «traitement inhumain de personnes et le trafic illicite d'organes humains au Kosovo». Do ass et drëms gaangen, dass de Moment europäesch Autoritéiten amgang sinn opzeklären, an Zesummenaarbecht mat der EULEX, wat an deene schwierege Joren am Kosovo lass war, wou Leit an Détention secrète gehale gi sinn an, esou wéi et schéngt, elo erweisen ass, dass 6.000 Leit, déi verschwonne sinn, ganz vill wahrscheinlech derzou gedéngt hunn, en illegale Mënschenhandel mat den Organer ze dreiw vum deene Leit.

Dat ass natierlech eng dramatesch Situation, a mir sinn opgefuerdert ginn an enger Resolutioun, déi zu Stroossbuerg ofgestëmmt ginn ass, all Memberstat soll säint derzou bäidroen, fir déi Fäiten, déi do passéiert sinn, opzeklären; fir d'EULEX ze ënnerstëtzen; an dat froe mer also hei an dëser Motioun, déi ënnerschriwwen ass vun alle Memberen aus der Lëtzebuerger Delegatioun zu Stroossbuerg.

Mir froen eis Regierung, op alle Plazen, wou et méiglech ass, wahrscheinlech haaptsächlech um europäeschen Niveau, derfir ze suergen, dass d'Moyenen an d'Kompetenzen un d'EULEX esou definiert ginn, dass d'Opklärung vun dësen iwwer 6.000 Disparitiounen ka realiséiert ginn, an dass mer de September eventuell vun eiser Regierung hei presentéiert kréien, wou d'Affär drun ass a wat Lëtzebuerg derzou bäigedroen huet, fir dass déi Opklärung erbäikéint.

Merci.

Motion

Considérant

- que pendant la session de l'APCE du 24 au 28 janvier 2011 le rapport «Le traitement inhumain de personnes et le trafic illicite d'organes humains au Kosovo» a été discuté et une résolution adoptée;

- que ladite résolution votée invite les États membres à soutenir le combat contre l'impunité des auteurs de violations graves des droits de l'Homme en soulignant qu'il ne doit pas exister une justice des vainqueurs et une justice des vaincus;

- qu'au Kosovo il y a 6.000 dossiers de disparitions ouverts par le Comité international de la Croix-Rouge;

- qu'un groupe de travail existant a besoin du soutien de la communauté internationale pour que l'enquête indépendante puisse continuer afin d'éclaircir le sort desdits disparus;

- que pour qu'une telle impunité ne soit pas possible un rôle essentiel revient à l'EULEX, la Chambre des Députés invite le Gouvernement

- à œuvrer dans les enceintes internationales pertinentes pour permettre l'élucidation de l'affaire en question qui touche aux droits de l'Homme à savoir:

- à allouer à EULEX les ressources nécessaires, logistiques et en personnel hautement qualifié, pour faire face à la mission extraordinairement complexe et importante qui lui a été confiée;

- à fixer à EULEX un objectif clair et à lui accorder un soutien politique au plus haut niveau pour combattre le crime organisé sans compromis, et pour que la justice soit rendue, sans aucune considération d'opportunité politique;

- à engager tous les moyens nécessaires pour instituer des programmes efficaces de protection des témoins et

- à faire rapport à la Chambre à la rentrée parlementaire en octobre 2011.

(s.) Lydie Err, Fernand Boden, Anne Brasseur, Norbert Hauptert, Jean Huss, Marc Spautz.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Err. Mir kommen dann elo zum nächste Projet de loi 6060 iwwert déi géigesäiteg Unerkennung vu Rechtspriechnungen. Hei ass d'Riedezeit nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen den Här Bettel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

11. 6060 - Projet de loi relative à la reconnaissance de jugements en matière pénale ayant prononcé des peines ou des mesures privatives de liberté aux fins de leur exécution dans un autre État membre de l'Union européenne

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojet 6060 hält de gemeinsamen europäesche Rechtsraum weider konkret Formen un.

D'Prisongsstrofen, déi an engem europäesche Land vun engem Gericht gesprach ginn, müssen an deem anere Land ouni vill prozeduraalt Gedeessens kënnen exekutéiert ginn. Een Uerteel, wat zum Beispill vun engem Strofgericht vun Athen gesprach gëtt, kritt hei am Land dees selwechte Stellwäert, wéi wann dat Uerteel zu Dikrech gesprach gi wier. Déi géigesäiteg Unerkennung vu Gerichtsuerteeler ass deemno och e Kärstéck vun der internationaler Justizsummenaarbecht.

Nieft dem Gesetz iwwert den europäeschen Haftbefehl aus dem Joer 2004 an dem Gesetz vun 2010 iwwert déi géigesäiteg Unerkennung vu Geldstrofe kréie mir elo hei am Land een drëtt Gesetz, dat déi géigesäiteg Unerkennung vu Strofuerteeler bannent der Europäescher Unioun regelt. Et sinn dat konkret Beispiller vun engem europäesche Rechtsraum. Dat bedéngt tëschent de Länner e géigesäitegt Vertrauen an déi jeeweileg Gerichtsinstanzen. Et heescht awer och eng géigesäiteg Akzeptanz vun dem Strofrecht an der Strofprozedur.

Här President, éischstens ass de sougenannten Transfert vu Prisonnéier als solch net nei. En ass schonns an enger internationaler Konventioun vum Europarat aus dem Joer '83 festgeluecht, där eist Land och '87 bäigetrueden ass. Mat der europäescher Kaderdécisioun aus dem Joer 2008, déi mir mat dësem Gesetzesprojet also eent zu eent ëmsetzen, ginn d'Konditiounen fir en Transfert vum Prisonnéier europawäit harmoniséiert a vereinfacht.

Bis elo hat am Kontext vun der Konventioun vum Europarat aus dem Joer '83 de Prisonnéier d'Initiativrecht, fir een Transfert an de Prisong vun engem anere Land unzefroen. Elo kréien d'Memberstaten d'Recht, fir den Transfert ze froen.

Déi grouss Neierung vun dësem Gesetzesprojet ass déi, dass een auslännescht Uerteel, wat eng Prisongsstrof festleet, automatesch, dat heescht ouni weider Appré-



ciatioun vun de Lëtzebuerger Gerichter, hei am Land unerkannt gëtt. Eng Prisongsstrof, déi zum Beispill ee belscht Geriicht gesprach huet, kann also zu Schraasseg ofgesiess ginn. Datselwecht zielt natierlech och am ëmgedréite Wee. Eng Prisongsstrof, déi vun engem Lëtzebuerger Geriicht gesprach gouf, kann och am Ausland exekutéiert ginn.

An deem Sënn huet dëse Gesetzesprojet schonn e gewësse prakteschen Intérêt fir eist Land, well mir zu Schraasseg ganz vill auslännesch Prisonnéier hunn. Mat dem Initiativrecht fir eist Land kënnen heimad-der verschidde Prisonnéier vu Schraasseg an hiert Hierkunftsland zrëckgeschéckt ginn. Schraasseg kann also deelweis entlaascht ginn.

Niewent dëser méi praktescher Considératioun, wou sech déi konkret Auswierkungen awer nach musse weisen, ass den eigentleche kriminologesche Sënn vum Transfert vun engem Prisonnéier dee vu senger besserer sozialer Integratioun. An hei spillt net nëmmen d'Nationalitéit vum Prisonnéier eng wichteg Roll. De Kritär vun der Reintegratioun an d'Gesellschaft berout op villen Elementer, wéi zum Beispill d'Famill, d'Sprooch, déi de Prisonnéier schwätzt, seng kulturell, sozial a wirtschaftlech Verbindungen. Den Intérêt vum Prisonnéier spillt dofir eng wichteg Roll.

Säin Averständnis fir den Transfert ass duerfir och mat der Kaderdécisioun an deene meeschte Fäll erfuerdert. Allerdéngs, an dat ass en zweete wichtege Punkt, geet déi europäesch Kaderdécisioun hei méi wäit. A verschidde Fäll kann en Transfert vun dem Prisonnéier gemaach ginn, ouni dass säin Accord duerfir néideg ass.

Dat ass éischstens de Fall, wou de Veruerteelte seng Prisongsstrof an deem Land soll ofsetzen, wou hien d'Nationalitéit huet an do wunnt. Konkret heescht dat: Wann en italienesche Statsbierger vu Roum op Lëtzebuerg kënnt an hei zum Beispill eng Bank iwwerfällt an duerfir hei veruerteelt gëtt, da kënnen d'Lëtzebuerger Autoritéite froen, fir dass dës Prisongsstrof an Italien ofgesiess gëtt. Deen Transfert ka gemaach ginn ouni den Accord vun dem Prisonnéier.

De Prisonnéier muss och net gefrot ginn, wann den Transfert an dat Land gemaach gëtt, wou hien duerch d'Uerteel aus- oder zrëckverwise gëtt, respektiv wann den Transfert an dat Land gemaach gëtt, wou hie wéinst senger Strofdot ënnergedaucht ass.

Drëttens féiert dëse Gesetzesprojet déi automatesch Unerkennung vun engem auslännesche Strofuerteel hei am Land an. Dat Eenzezt, wat gepréift gëtt, ass, ob den Tatbestand, deen zur Prisongsstrof gefouert huet, effektiv zu Lëtzebuerg strofbar ass.

Generell spillt also de Rechtsprinzip vun der sougenannter duebeler Incriminatioun, mat Ausnahm vun enger Rei vu schwéiere Strofdoten, wéi den Terrorismus, de Mënschenhandel, de Bedruch an den internationale Waffenhandel.

E spezielle Fall sinn awer d'Steieraffären. Mir kënnen hei am Land net soen, mir géifen een auslännescht Uerteel net exekutieren, well mir zu Lëtzebuerg déi Zort Steierdelikt am strofrechtleche Sënn net géife kennen. Konkret heescht dat: Wann op engem Steierdelikt an Däitschland eng Prisongsstrof gesprach gouf, kënnen mir d'Exekutioun vun dem däitsche Strofuerteel net refusieren, well den däitsche Steierdelikt net de Konditiounen, zum Beispill vun eiser Escroquerie fiscale, géif entspriechen.

Déi automatesch Unerkennung vun engem auslännesche Gerichtsuerteel gëtt eigentlech nëmme refuséiert a folgende Fäll: Wa schonn eng Veruerteelung wéinst deemselwechten Tatbestand zu Lëtzebuerg oder engem anere Memberstat stattfonnt huet. Hei handelt et sech ëm de sougenannte Rechtsprinzip vun dem „ne bis in idem“. Zweetens, wann déi veruerteelt Persoun manner wéi 16 Joer huet, oder wann d'Prisongsstrof, déi nach ofzesetzen ass, manner laang ass wéi sechs Méint.

Derniewent gëtt et eng Rei Fäll, wou et am Ermessungsspillraum vun de Lëtzebuerger Autoritéite läit, fir dat auslännescht Uerteel unzërkennen oder net. Dat ass zum Beispill de Fall, wann d'Strofdot sech ganz oder deelweis op Lëtzebuerger Territoire ofgespillt huet, oder wann déi beschëllegt Persoun net vun der Gerichtsprozedur selwer informéiert war, respektiv dass si net informéiert war, dass se e Recours hätt kënnen aleeën.

Véierte Punkt: Déi zentral Autoritéit, fir dëse Gesetzesprojet hei am Land ëmzesetzen, ass de Procureur général. Dat heescht, dass hien an der Praxis all d'Demanden traitéiere wäert, déi aus dem Ausland kommen. Mä ëmgedréit leet och de Procureur général all Demanden un auslännesch Autoritéite weider, wann zum Beispill eng Prisongsstrof vun engem Lëtzebuerger Geriicht gesprach gouf an am Ausland sollt exekutéiert ginn.

Wéi leeft dat dann elo konkret of? Wann zum Beispill zu Lëtzebuerg en auslännescht Uerteel, wat Prisong virgesäit, soll exekutéiert ginn, da kritt de Procureur général dat vun der auslännescher Zentralstell mat engem standardiséierten Zertifikat matgedeelt, an dee beinhalt all Informatiounen iwwert déi veruerteelt Persoun, d'Strofdot, déi si begaangen huet, d'Gericht, dat dat Uerteel gesprach huet, grad wéi eng Kopie vun dem Uerteel.

De Procureur général, dee kontrolléiert och, ob all déi Konditiounen, déi d'Gesetz virgesäit, respektéiert sinn. An deemno kann d'Prisongsstrof dann och zu Schraasseg ofgesiess ginn. An der Praxis ass also déi Prozedur déiselwecht, wéi wann et sech ëm d'Exekutioun vun engem Lëtzebuerger Gerichtsuerteel géif handelen.

Fënneften a leschte Punkt, Här President: Fir d'Aart a Weis vun der Exekutioun vun der Prisongsstrof zielt dat Lëtzebuerger Gesetz. Eng auslännesch Prisongsstrof, déi iwwert de Maximum erausgeet, deen d'Lëtzebuerger Gesetz fir dës Infractioun virgesäit, ka vum Procureur général och dofir erofgesat ginn. Wann am Ausland schonn en Deel vun der Prisongsstrof ofgesiess gouf, da gëtt dat selbstverständlech ugerechent. A géif zum Beispill de Grand-Duc eng Grâce spriechen oder et zu enger Amnestie kommen, da kann hei am Land déi weider Prisongsstrof selbstverständlech net méi exekutéiert ginn.

Här President, dat waren, op eng méi oder manner praktesch Aart a Weis duergeluecht, déi Haaptpunkte vun dësem Gesetzesprojet iwwert déi géigesäiteg Unerkennung vun de Prisongsstrofen. Ech verweise fir de Rescht op mäi schrëftleche Rapport. E gouf och an der Justizkommissioun eestëmmeg ugeholl. De Rapport recommandéiert, dëse Projet de loi ze stëmmen.

Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Roth Merci. Als éischten an och gläichzäiteg leschte Riedner ass den honorabelen Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Ah, den Här Henckes kënnt nach.

Discussion générale

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, esou wéi den Här Roth et scho gesot huet, brauch ech net méi op de Projet de loi anzegoen, en huet déi meescht Detailer gesot. Et si just e puer Froen, déi ee sech stellt. Ech hat se och schonn an der Commission juridique gestallt.

Dat ass eng Kéier déi vum Artikel 100. De Parquet huet am Moment mat der Exécution des peines jo d'Méiglechkeet, bei enger Peine pénale, duerno bei der Exécution des peines verschidden Aménagements er ze maachen iwwert den Artikel 100. Den Artikel 100 ass dat, wat een a verschidde Länner nennt eng „libération anticipée“, a wou een da ka verschidde Konditiounen hu mam Artikel 100 hei zu Lëtzebuerg, wéi zum Beispill eng Interdiction fir nees op den Territoire ze kommen.

Dat war eng vun deene Konditiounen, déi ganz oft komm sinn, wa Leit aus der

Groussregioun bei Trafic de drogues oder bei aner Strofdoten hei opgefall sinn, dass dann de Parquet général bei der Exécution des peines och esou Regele geholl huet. Déi falen dann ewech. A selbstverständlech kënnen mir net obligéieren, an engem anere Land, deemno wéi d'Konditiounen sinn, dat ze imposéieren.

Et muss een och soen, dass verschidden Détenuë sech wäerten d'Fro stellen, wéi de Regime vun der Exécution des peines an hirem Land ass. Zum Beispill a verschidde Länner gëtt et den „tiers peine“, dat heescht, no engem Drëttel vun enger Strof kann ee schonn erausgoen. Dat hu mir hei net. Dat heescht, fir verschidde Leit wäert et da schonn interessant sinn, fir kënnen ze kucken, ob se de Choix hunn, well heiansdo gëtt jo den Accord och nach vun der Persoun gefrot, wéi se sech entscheet.

Déi aner Saach ass, Här President, déi Fro, déi ee sech muss stellen, dat ass jo de Sursis probatoire. Ganz oft spriechen och d'Riichter am Fong e Sursis probatoire mat verschidde Konditiounen. No enger Prisongsstrof soe se, dat dote kritt dräi Joer fest plus dräi Joer op Sursis probatoire, wou déi an déi an déi Konditiounen dann dru sinn. Do gëtt et zum Beispill Konditiounen: trouver un emploi, ne pas fréquenter le milieu de la drogue, etc., etc.

Wéi gëtt dat vum Parquet am Ausland da suivéiert? Ass dann eng Déchéance vum Sursis méiglech, wann dat, wat de Riichter um Fong décidéiert huet bei engem Sursis probatoire, ass dat eng Déchéance, ass dat eng Cause de déchéance, oder fält dann dee Sursis probatoire, souwisou d'Konditiounen fir d'Probatioun, dann och ewech?

An, last but not least, Här President, nach eng technesch Fro. Den Här Rapporteur huet et gesot, dass duerch deen heite Projet jo och verschidden Détenuë kënnen dann och vun den Dispositiounen profitieren, dass an hirem Land dann och hir Peine exekutéiert gëtt. Wéi vill, gëtt et do Zuelen, wéi vill Détenues um Dag vun haut erfëllen esou Konditiounen, fir kënnen, wann een elo géif kucken, a kuerzer Zäit dann zrëck an hiert Land ze goen, fir hir Strof ofzesetzen? Dat wier net oninteressant jo awer ze wëssen, wat dat konkret elo heescht.

Wéi gesot, mir wäerten dëse Projet de loi och stëmmen, mä déi zwou Froen sinn do, de Sursis probatoire, den Artikel 100. Ech verstinn, mir mëschen eis net an duerno iwwert d'Exécution des peines am Ausland. Mä wann een e Sursis probatoire huet, dann ass dat normalerweis jo eng vun de Konditiounen, déi de Riichter hat, fir kënnen déi Persoun op eng riicht Bunn ze setzen. Gëtt dat dann och respektéiert, jo oder neen? Wéi gëtt dann de Suivi gemaach? Wie kann d'Déchéance vum Sursis spriechen?

An den Artikel 100, wéi gesot, war eng Mesure, déi de Parquet général oft benotzt huet, a si wäert dann hei, an deem heite Fall, net méi déi kënnen uséieren.

Voilà, ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Ech soen nach eng Kéier dem Rapporteur Merci fir de komplette Rapport, a mir wäerten als DP awer och dëse Projet de loi stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bettel. D'Wuert kritt elo den Här Henckes.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, och meng Remerciementer un den Här Gilles Roth, deen en exzellente mëndlechen a schrëftleche Bericht hei ginn huet. Ech wëll dorobber hiweisen, dass mer eng Konventioun vun 1983 hei schonn als Gesetz haten, esou dass e gewëssen Deel vun där Praxis, déi mer elo an d'Gesetz draschreiwen, just eng Continuatioun ass vun deem, wat besteet.

D'Fro, déi sech awer just stellt, dat ass: Wéi geet et an Zukunft weider mat Net-EU-Länner? Well déi Konventioun, déi mer virdrun haten, déi war jo méi wäit gefaasst. Duerfir wier et gutt, wa mer hei déi kleng Prezisioun kéinte kréien.

Déi aner Innovatioun ass déi vun de Steierdelikter. Do ass et evident, dass dat och wäert fir déi Leit gëllen, dat am Ausland wéinst Fraude fiscale condemnéiert gi sinn, an hirem Land, dass déi net kënnen op Lëtzebuerg kommen an do mengen, si

wieren an der Rou. Neen, do riskéieren déi natierlech deen Ablack ausgeliiwert ze ginn.

Dann, wat d'Applicatioun selwer ugeet, mengen ech, wäert sech net vill änneren. Ech ginn e Beispill: Wa bei der Exécution des peines - ech ginn e Beispill -, wann e finnesche Prisonnéier, deen hei zu Lëtzebuerg am Prisong ass an zum Beispill zu néng Joer condemnéiert ginn ass, dee kéint normalerweis op Basis vum Artikel 100 no der Halschent vun der Zäit erauskommen, dat heescht no véieranenhalleft Joer.

► **Une voix.** - Kann en.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Kann, wann de Parquet averstanen ass. Mä wat mécht den normale finnesche Prisonnéier? E fret no dräi Joer säin Transfert a Finnland an de Prisong. Woufir? Well en do kann no engem Drëttel vu senger Zäit aus dem Prisong erauskommen! A meeschtens ass en dann no dräi Joer eraus, statt no véieranenhalleft.

Ech mengen, duerfir wier et gutt, Här Minister, wann op EU-Niveau och géif versicht ginn, fir eng gewëssen Harmoniséierung vun de Strofen ze kréien, well mer do e puer Schwierigkeete soss hunn an deenen dote Saachen. Et ass zwar ganz interessant, mä ech wollt nuren dat Beispill ugin, fir ze soen, dass mer do e puer Schwierigkeeten hunn, och wat d'Héicht vun de Strofen ugeet.

Dann eng lescht Fro. Wéi vill Leit sinn ongeféier concernéiert? Wann ech déi Zuele kucken, déi Prisonnéier, déi mer hunn. Ech mengen, et sinn der 600, déi am Prisong sinn. Dovunner sinn déi Statistiken, déi mer hunn, déi weisen aus, dass en Deel Ausländer do ass. Mä et weess een awer net - also EU-Bierger, ne -, mä et weess een awer net, ob déi Résidenten hei zu Lëtzebuerg sinn oder net.

Mä, egal wéi kann een awer rechnen, dass vläicht eng honnert Leit kéinten dovunner profitieren. Mä ech hunn awer d'Impressioun, dass et hinnen net vill bréngt, dat neit Gesetz, well wa se de Choix hunn, hei am Prisong ze bleiwen, an engem Prisong, wou d'Qualité de vie awer méi héich ass wéi an deene meeschten aneren EU-Länner, dann huelen ech un, dass se heibleiwen. An et ass just nuren a Fäll wéi am finnesche Beispill, wou se wäerten den Transfert froen.

Dat gesot, wëll ech awer den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Henckes. D'Madame Lydie Err hat nach d'Wuert gefrot. Madame Lydie Err, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Lydie Err (LSAP).** - Merci, Här President. Eigentlech bleift net méi vill ze soen, nodeems de Rapporteur hei säin detailléierte Rapport virgestallt huet. Mä well elo meng Virriedner hei zu zwee déi Froen opgeworf hunn, déi am Fong an deemselwechten Zesammenhang spillen, mengen ech, kënnt een op den Artikel 15 verweisen, dee seet, dass eng Condamnatioun, déi zu Lëtzebuerg exekutéiert gëtt, hei exekutéiert gëtt no eisem Recht. Dat heescht, dass et kloer ass, wat zu Lëtzebuerg geschitt mat Leit, déi hei hir Strof, déi se an engem anere Land, an engem aneren europäesche Land kritt hunn, ofsetzen.

An den Intérêt, ech menge soumadder ass et relativ kloer, wa se hei ofgesiess gëtt, a mir hunn den Artikel 100, da kënnen se natierlech net déi zwee Drëttel oder een Drëttel Proportioun vun hirer Strof invoquéieren. Dat ass de Prinzip aus der Konventioun.

► **Une voix.** - Dat ass schonns zegmol geschitt!

► **Mme Lydie Err (LSAP).** - Wann Der wëllt, ech si scho bal fäerdeg.

► **M. le Président.** - Lauschtert emol no! D'Madame Err huet elo emol d'Wuert.

► **Mme Lydie Err (LSAP).** - Dat ass de Prinzip, deen an der Konventioun steet. An ech mengen, laanscht deen Artikel féiert op deem Punkt net ganz vill derlaanscht.

Ech wollt awer zrëckkommen op dat, wat den Intérêt vu Lëtzebuerg ass vun dëser Konventioun. Wann ee weess, dass den



Undeel vun Netlëtzebuerger an eisem Prisong, dës sécherlech dee gréissten Deel europäesch Bierger sinn, da kéint een theoretesch jiddefalls sech erwaarden, dass eise Prisong géif entlaascht kënne ginn, wann déi heite Konventioun a Kraaft trëtt. Mir hunn also a priori en Intérêt drun, wann et net esou wier, wéi den Här Henckes elo just hei gesot huet, dass am Verglach zu de Prisongen an anere Länner eise Prisong eigentlech vill besser ausgesäit, wat d'Hygiène a wat d'Konditiounen ubelaangt. Sou dass een, mengen ech, muss realistesch bleiwen a keng ze vill grouss Hoffnungen hunn.

Et ass vläicht och eng gutt Geleeënheet hei, fir ze soen, dass dat heite keng Konventioun ass oder eng Direktiv ass, déi et engem erlabe kann, ouni de Wëlle vun deene concernéierten Autoritéiten e Shopping ze maache vun deem favorabelste Gesetz, wat d'Exécution des peines ubelaangt, well eben en Accord vum Parquet an den Accord vun deem Betraffene muss do sinn. Sou denken ech, dass een der Exekutioun oder der Mise en vigueur vun dëser Direktiv oder der Ëmsetzung vun der Direktiv ka ganz gerousam entgéintkucken.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Err. Den Här Bettel huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, wéi et gesot ginn ass, a verschidde Fäll huet den Détenu de Choix, fir a sengem Pays d'origine, a wou en och seng Résidence habituelle huet, seng Strof ofzesetzen. An dann huet en de Choix dann,...

(Interruption)

...selon l'exécution des peines, wann en hei zu Lëtzebuerg jo eng Strofdot gemaach huet an hei condamnéiert gëtt, huet e jo d'Recht dann och, fir - Dir hutt e Fall aus Italien geholl - an Italien seng Strof ofsätzen ze goen.

An dowéinst, ech soen, et ass jo kee Reproche, deen ech maachen, Här President, ech soe just, dass den Artikel 100 oder d'Sursis probatoires hei dann e bësse caduc kënne sinn a verschiddene Fäll.

Eng aner Fro, Här President, déi ech virdru vergiess hunn - duerfir hunn ech mer erlaabt, d'Wuert nach eng Kéier ze froen: Wann den Här Justizminister elo scho bei eis kënnt, wëll ech och an deem Kontext wëssen, wéi et ass. An deem heite Fall schwätze mer jo vun enger Application vun enger Peine. Et ass de Parquet général, dee sech drëms këmmert. De Parquet général ass awer d'Partie poursuivante am Prozess an éischter Instanz, an zweeter Instanz.

Wier et wierklech net opportun haut, eis och ze soen, ob e Juge d'application des peines elo zu Lëtzebuerg wäert kommen, dee sech och dann ëm dës Saache géif këmmern?

(Interruption)

An ier mer d'Applikatioun vun de Peinen... Gelifft?

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Här Bettel, dat hunn ech eng Kéier hei grouss annoncéiert, do hat Der wahrscheinlech keng Zäit, mer nozelauschteren.

Ech bestätegen dann, dass et esou ass, wat ech schonn eng Kéier gesot hunn an dëser Chamber.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Jo, mä ech wëll dann nach eng Kéier insistéieren, wéi wichtig dass et ass. Well mir si jo och, Dir wësst jo, dass eng Affaire pendante zu Stroossbuerg ass, wann ech mech net iren. Ech weess net, ob do schonn en Uerteel gesprach ginn ass oder net.

Mä et ass delikat, dass een op enger Säit d'Partie poursuivante ass, an op där anerer Säit déi duerno muss decidéieren, ob een da lafe gelooss gëtt an den Aménagement vun enger Peine. An dowéinst encouragéieren ech de Minister wierklech esou séier wéi méiglech, dass mer do kënne légiféréieren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bettel. Elo kritt d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Da maache mir dat.

► **Une voix.**- Très bien!

(Interruptions)

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Jo, Merci, Här President. Merci dem Rapporteur, fir hei e relativ komplexe Projet anschaulich duergestallt ze hunn, an e Projet, deen an deem Sënn wichtig ass fir Lëtzebuerg, well mir zu Lëtzebuerg eng ganz grouss Population carcérale hunn an do ganz vill och Leit sinn, déi net zu Lëtzebuerg wunnen.

Ech fänke vläicht mat deene Statistiken un, déi ech lech ka ginn, fir einfach emol ze soen, ouni kennen - Här Bettel an Här Henckes - drop ze äntwerten, wéi vill Leit a Fro kommen, well do muss ee jo aner Konditiounen kucken.

Ech wëll lech einfach d'Zuel soen, wéi et haut zu Schraasseg war. Haut de Moien hate mer 578 Leit zu Schraasseg. Do huele mer dann néng Mineuren ewech a 14 Leit en rétention. Dann hu mer nach 289 Condamnés an 275 en détention préventive, als Untersuchungshäftlingen, déi jo an enger zweeter Phas sollen op den Ueschterhaff kommen. Fir et nach eng Kéier ze soen: Also déi, déi komme jo net a Fro. Ech schwätzen hei just vun de Condamnéierten.

Elo hunn ech net fir d'Condamnéierten eng Zuel Résidenten, Non-Résidenten. Ech hu se e bësse fir dat Globaalt. Gitt emol dovunner aus, dass ee kann hallef an hallef ëmmer kucken, Condamnés an Détenus.

Mir hunn insgesamt 241 Non-Résidents zu Schraasseg. Wéi gesot nach eng Kéier, dat sinn net alles Condamnés. Gitt emol einfach dovun aus, et ass ongeféier d'Halbschent. A vun deenen 241 sinn 139 EU-Résidenten. Also, da gesäit een ongeféier, vu wéi vill Leit mer kéinte schwätzen.

Et bleift awer derbäi, dass et fir eis scho wichtig wär, grad wéi an der Vergaangenheet, fir Leit kennen an en anert Land ze kréien.

Nun hu mer déi Konventioun, an déi behale mer. D'Fro ass gestallt: Wéi geet et an Zukunft weider? Déi Konventioun bleift jo bestoen. Hei kënnt fir d'EU-Bierger eppes derbäi iwwert d'Konventioun eraus. D'Konventioun huet fir Lëtzebuerg folgende Klompfouss gehat: Et muss een d'accord sinn. An ech hat jo eng Kéier eng Delegatioun mat vun der Chamber an de Prisong, a wann Der lech kënnt erënneren, wat de President vun der Delegatioun gesot huet, e sot, en hätt ni..., e wär scho vill an der Welt gewiescht, mä en huet nach ni esou ee schéine Prisong gesi wéi hei!

(Hilarité)

Just fir dat ze soen. Dat hänkt ëmmer dovun of, vu wou ee kënnt. Ech wëll dat net als Luef gesinn. Mä ech soe just, wann een d'Konditiounen kuckt bei eis, déi net gutt sinn, un deene mer schaffen, an d'Konditiounen am Ausland, ass et esou, dass vill Leit net onbedéngt wëllen an d'Ausland zrëck.

Ee vun de Virdeeler vun dëser Décisioun ass jo, dass de Consentement net ëmmer ginn ass. Notamment, wann een d'Nationalitéit vun deem Land huet, vun deem mer schwätzen. Duerfir, soen ech nach eng Kéier, si fir eis - Här Henckes - elo manner déi Drëttstaatler wichtig, mä déi Länner, déi ronderëm eis sinn, wou ganz vill Leit hei sinn, fir mat deene kënne méi effikass Leit zrëckzeschécken. Dat si jo awer dann och ziviliséiert Länner.

Ech wëll nämlech drun erënneren, wa mer nämlech vun Drëttstate schwätzen, dass ee wesentleche Punkt an där ganzer Décision-cadre ass, dass mer awer musse kucken, wou een een hischéckt. Also, d'Mënscherechter stinn awer nach ëmmer vir. Also, et geet net drëm, iergendwou een hinzeschécken, wou en dann awer wierklech aner Geforen ageet, wéi wann e géif zu Lëtzebuerg bleiwen.

Duerfir mengen ech, ass déi Drëttstatdiskussioun eng, déi eis elo manner beschäftegt, mä fir eis si wichtig Frankräich, Belsch, Däitschland, aner EU-Stat, mä virun allem déi doten dräi, fir mat deenen ze kucken, dass do méi Leit kéinten hir Strof bei deenen ofsätzen oder net. Dat elo emol fir d'Envergiure.

Et ass also schonn e wichtige Projet. An et gëtt eng Plus-value par rapport zur Konventioun, well et net méi eleng de Consentement ass vum Prisonnier, deen ausschlaggebend ass.

Da sinn déi Froen, déi de Xavier Bettel gestallt huet, richteg an och einfach ze beäntwerten a folgendem Sënn: D'Logik vun dëser Décision-cadre ass, dass, wann ee bis an engem anere Land ass, déi Regele vun der Exécution des peines spillen. Et gëtt Länner, do gëtt et Peine illimitée. Also längst Liewen. Bei eis net. Et ass ganz kloer, dass, wann een an engem Ausland zu längst Liewen, enger Peine incompressible liewenslaang, déi net kann erofgesat ginn, wat et ka ginn a verschiddenen anere Länner, condamnéiert ass, spillt dat net fir eis. Bei eis spillt dann déi Héchststrof, déi mir virgesinn. An ech mengen, dass dat och richteg ass.

Richteg ass natierlech op där anerer Säit, Här Bettel, dass dann eisen Artikel 100 net am Ausland applizéiert ass. Respektiv richteg ass och, dass, wann een an d'Ausland geet, e kann do schonn éischter erauskomme wéi bei eis, dass dat ass.

Mä do kommen ech op en anere Punkt zrëck: Do ass jo awer d'Opportunitéit vun dem Procureur général wichtig. Wa mir net wëllen ee froen, an dat anert Land ze ginn - et ass jo net deen, deen elo seet: „Wou ass de Prisong, dee mir am beschte gefält?“ Da kënnt derbäi de Consentement. Mä nach eng Kéier: Et ass de Procureur général, deen decidéiert, ob en ee wëllt an d'Ausland schécken oder net. Dann ass natierlech d'Contrepartie, dat ass dat, wat Dir gesot hutt, dass mir net méi kennen eisen Artikel 100 duerno applizéieren. Domadder musse mer liewen. Mä wéi gesot, et bleift nach ëmmer d'Opportunitéit hei vum Procureur général, fir déi Dossiere weiderzedreiwen oder net weiderzedreiwen.

Sou dass ech mengen, dass insgesamt - ier dass ech op Är aner politesch Froe kommen, Här Bettel - dësse Projet de loi eis méi Méiglechkeete gëtt, fir eng Partie Leit, déi wierklech besser hir Strof kennen an hirem Ursprungsland ofsätzen, fir déi an hiert Ursprungsland zrëckzeginn, an dass mer doduerjer awer och vläicht dann e bësselche manner Leit am Prisong hunn.

Ech hu gesot 584. Wéi ech d'Prisongsreform - d'Iddien - virgestallt hunn, ware mer op 634. Mä och 584 sinn nach eng Iwwercapacitéit par rapport zu deem, wat mer effektiv zu Schraasseg hunn. Dat heescht, dat heite gëtt eis eng Méiglechkeet, dat ze maachen. An et kënnt och derbäi, dass mer d'Justizministeren an Europa och e Wëlle gewisen hunn, fir dat dote vill méi mateneen auszeschaffen. Also, dat ass fir Lëtzebuerg schonn duerfir e ganz wichtige Projet, dee mer haut stëmmen.

D'Fro, wéi geet et weider mat dem Juge d'application des peines? Et ass effektiv en Uerteel komm. Dat läit do, dat Uerteel vu Stroossbuerg - ech weess den Numm net méi, mä Dir kënnt e gare kréien -, wat effektiv seet, dass muss e Recours sinn. Et seet net, e Juge d'application des peines, dat Uerteel vu Stroossbuerg. Et seet, et muss e Recours sinn.

Ech hunn eng Kéier hei an der Chamber deklaréiert, dass ech wëll méi wäit goen als Justizminister. An do schaffe mer och bei eis drun. Dat heescht, mir wëllen net nëmmen e Recours virgesinn. Mir wëlle géint d'Sanctions disciplinaires, déi am Prisong ëmmer kommen, do wëlle mer e Recours virgesi bei de Gerichter.

Mä wat d'Application des peines ubelaangt, des peines privatives de liberté selbstverständlech, do wëlle mer e Richter hunn, a mir gi méi wäit. Mir wëlle wierklech net ee Juge d'application des peines, mä mir wëlle souwuel an éischter wéi an zweeter Instanz e Kollegium.

Dat ass ëmmer eng schwiereg Décisioun, fir ee fréizäiteg erauszeloosen. Dat ass eng Décisioun, déi ganz schwiereg ass, well wann et eng Kéier schifgeet, da mécht deen, deen dat decidéiert huet, sech herno noutgedronge Virwërf. An dat ginn dann ëmmer politesch Skandalen an all Land.

(Interruption)

An ech mengen, elo läit et genee...

Voilà, just déi Diskussioun. A fir där och virzebeugen, wëlle mer da léiwer och eng

Chambre d'application des peines maache mat enger Appellinstanz, wou den Dossier selbstverständlech virbereet gëtt. Dee muss virbereet gi vun all deenen Instanzen, déi virdru sinn.

D'Décisioun um Fong gëtt geholl. Fir all déi aner Sanction-disciplinaires, déi ëmmer muss eng Prisongsverwaltung, déi jo dann an Zukunft och dem Justizminister ënnerstallt gëtt, wat elo net de Fall ass... Se si jo net dem Justizminister ënnerstallt, och wann de Justizminister ëmmer muss d'Froe beäntwerten. Mä d'Verwaltung gëtt dann dem Justizminister ënnerstallt. Wann d'Verwaltung Sanction-disciplinaires oder esou aussprécht, da gesi mer dann och e Recours vir, e Recours bei och deenen dote Riichter. Also, dat ass eppes, wou ech da gären hei nach eng Kéier bestätegen, dass mer dohinnerginn. Mir ginn also méi wäit wéi dat, wat zu Stroossbuerg gesprach gouf.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Justizminister. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun.

Mir kéimen elo zum Vote iwwert de Projet de loi, an der Hoffnung, dass eis Maschinne fonctionnéieren.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6060 ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6060 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par Mme Christine Doerner), Nancy Arendt (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Lucien Lux, Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Da kéime mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6220.

12. 6220 - Projet de loi portant approbation de la Convention-cadre du Conseil de l'Europe sur la valeur du patrimoine culturel pour la société, faite à Faro, le 27 octobre 2005 (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.